ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 6. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kooperatiounsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Entwécklungshëllef ass den Niger e Kooperatiounspartner vum Groussherzogtum. Säit de ganz ëmstriddene Presidentschaftswale vum 21. Februar 2021, bei deenen ënner anerem siwe Membere vun der Walkommissioun gewaltsam em d'Liewe koumen, gëtt d'Land vun extreme politesche Spannungen erfaasst. Säit Ufanks des Joers goufen 300 Leit duerch Iwwerfäll ëmbruecht. Den Terrorismus stellt säit Joeren eng Gefor fir déi bannenzeg Sécherheet duer. Am Korruptiounsindex vun "Transparency International" steet d'Land op Plaz 123. Trotzdeem war am Artikel "Asselborn reist in den Niger", deen den 2. Abrëll am Tageblatt publizéiert gouf, ze liesen, datt den Här Bausseminister d'Amtsaféierung vum neie Präsident als "ersten friedlichen und demokratischen Machtwechsel in Niger séit seiner Unabhängigkeit von 1960" bezeechent a sur place un der Zeremonie participéiert hätt.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Kooperatiounsminister an un den Här Bausseminister:

1) Op wéi engen Donnéeë, respektiv Rapporten berout déi uewen zitéiert Aschätzung vum Här Bausseminister?
2) Wéi schätzt d'Regierung déi aktuell Sécherheetssituatioun am Land an? Besteet eng eventuell Gefor fir Lëtzebuerger Bierger, déi sech am Kader vun der Kooperatiounspolitik sur place ophalen?
3) Huet den Ausgang vun der Wal en Afloss op d'Kooperatiounspolitik vun der Regierung? Wéi begrënnt sech hir Aschätzung?
4) Wéi ee Montant un ëffentleche Gelder huet Lëtzebuerg säit 2013 insgesamt un den Niger iwwerwisen? Firwat goufen des Gelder iwwerwisen, obwuel den Niger no Ausso vum Här Asselborn zu deem Zäitpunkt net iwwer eng demokratesch legitiméiert Regierung verfüügt huet?
5) U wéi eng Partner ginn déi ëffentlech Gelder sur place konkret iwwerwisen? Mat wéi engem Verwendungszweck?
6) Gëtt et en Audit zu der Verwendung vun deenen iwwerwisene Gelder?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten